ALEM
Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

**Nadja – Oochen, Däitschland – 5. Joer**

**Juli 2023 – San Luis Potosì, Mexiko**



Mäi SCOPE Exchange hunn ech a Mexiko zu San Luis Potosì gemaach. Dës Stad ass fir mexikanesch Verhältnisser mat ca. 850.000 Awunner éischter kleng a gëtt net vill vun Touriste besicht. Ech krut dofir awer ëmsou besser en Abléck an dat richtegt Liewen a Mexiko. Leider huet sech d'Organisatioun vu mengem Stage schwiereg gestallt, well Mexiko leider oft net oder immens laang gebraucht huet fir mir oder mengem NEO ze äntweren. No laangem Hin an Hier konnt ech dunn awer dëst Joer am Juli dohinner fléien.

Dohannen ukomm sinn ech ganz léif empfaange ginn. Zesumme mat deenen anere SCOPE Studentinnen hu mir an enger Aart WG mat Mexikaner gewunnt an hunn eis jeeweils zu 2 eng Kummer gedeelt. Déi aner Bewunner konnte leider net wierklech Englesch, mee ware ganz léif mat eis. D'Kommunikatioun ass vill iwwert Google Translate oder iwwert d'SCOPE Studentin aus Spuenien gelaf. D'Haus selwer war leider bis relativ zum Schluss vun mengem Stage net immens propper a mir hunn eis zu 10-12 Leit eng Buedzëmmer an eng Kiche missen deelen. Dëst huet sech no engem Gespréich mat deem lokale Comité awer e wéineg verbessert.

D'Mexikaner sinn immens oppe Leit, déi jiddereen, egal wéi friem, gären ophuelen an alueden. Ech hu séier mat anere Studente Kontakt kënne knëppen, sou dass mir och ganz vill mat Leit ausserhalb vum SCOPE Programm ze dinn haten. Sie hunn eis all ganz léif iwwerall hi matgeholl a vill verschidden Aktivitéiten mat eis ënnerholl. Vu Cocktailparty, Club oder Bar bis Spillowender war alles dobäi.

Well d'Kriminalitéit a Mexiko extrem héich ass, goufe mir um Ufank berode wéi mir eis behuelen sollten, wou mir vläicht léiwer net higoe sollten oder wéini mir eis net méi sollten eleng ronderëm beweegen. Trotz all deem hunn ech mech a Mexiko relativ sécher gefillt. Et muss een allgemeng méi oppasse wéi an Europa an et sollt ee sech éischter mat engem Uber

ALEM a.s.b.l.
2, Avenue de l'université
L-4365 Esch-sur-Alzette
contact@alem.lu
alem.lu
alem.lu
alem.luxembourg

wéi an engem Bus fortbeweegen, mee do huet ee sech no enger Zäit dunn awer dru gewinnt gehat.

De Stage selwer an der Klinik war leider en bëssen enttäuschend. Ech hat gesot kritt, dass ech an der Allgemeinchirurgie sollt sinn, dëst gouf awer kuerz virum Start geännert, well all d'SCOPE Leit an enger Fraen- a Kannerklinik placéiert goufen. Dës Klinik war e sougenannten "public hospital" an sollt dowéinst amfong méi Patienten hu wéi e Privatspidol. Ech hat leider awer oft net esou vill ze di well net vill lass war. D'Sproochebarrière war zousätzlech méi grouss wéi geduecht. Ech kann net esou vill Spuenesch an hat mech extra fir Stied gemellt, déi Spuenesch net obligatoresch verlaangen, trotzdeem gouf haptsächlech spuenesch geschwat an net wierklech fir eis iwersat. Wann een emol en Dokter getraff huet deen Englesch konnt, war dat éischter eng Gléckssaach an et huet een sech dunn och un deem festgehalen. Mir hunn eis 4 Woche mat enger Rotatioun verbruecht, sou dass ech en Abléck a verschidde Beräicher hat, an awer nach eppes erliewe konnt. Mat Initiativ dierfen d'Studenten dohannen immens vill maachen.

Fir e bëssen eppes vum Land a vun der Natur kënnen ze gesinn, hu mir kleng Weekendsausflich an aner Stied oder Dschungelgéigende gemaach. All Stad ass gepräägt vun immens schéinen ale Gebaier, et gesäit ee ganz vill Wandmolereien, an d'Natur wandelt sech esou séier wéi ee bal net kucke kann. Eng verloosse Wüstegeigend wann een d'Stad verléisst an e Stéck weider ass een am Dschungel ëmgi vu Flëss an Waasserfäll!



Alles an allem war mäin Wee am Stage an bis dohinner eppes holpreg mee et war awer eng immens flott Erfarung, déi duerch all déi léif Leit, déi ech kenne geléiert hunn just ëmsou besser gemaach gouf!

ALEM a.s.b.l.
2, Avenue de l'université
L-4365 Esch-sur-Alzette

contact@alem.lu
alem.lu

alem.lu
alem.luxembourg